

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28. Januar 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheitsminister an den Här Sportminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 5426 schreift d'Regierung, datt säit dem 1. Mäerz 2020 568 COVID-Infektione bekannt goufen, "*déi potenziell a Relatioun mam Sport*" stoungen. De Sport war an de leschten zwee Joer ganz strenge Moosnamen ënnerworfen, déi méi wéi dacks changéiert hunn. Fir datt esou Moosnamen vun de Leit eegeverantwortlech respektéiert kënne ginn, ass et immanent, datt dës kloer strukturéiert an net mëssverständlech sinn a proportional zu der Situatioun stinn.

An deem Sënn géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

- 1) Kann d'Regierung eng Grafik presentéieren, déi den zäitlechen Oflaf vun dese 568 Infektione säit dem 1. Mäerz 2020 bis zum 31. Dezember 2021 ofbillt? Kann d'Regierung unhand vun dëser Grafik elaboréieren, wéi dës Infektionszuelen am Zesammenhang mat der Upassung vun de COVID-Mesuren am Sport stoungen, déi am Kader vum Gesetz vum 17. Juli 2020 souwéi senge 24 Modifikatiounen bis zum virdu genannte Stéichdatum, erlooos goufen?
- 2) Kann d'Regierung matdeelen, wéi vill vun dese 568 positiv geteste Leit keng Symptomer haten a wéi vill liicht Symptomer gewisen hunn? Wéi vill vun dese 568 Leit hu missen hospitaliséiert ginn a wéi vill vun hinnen hu missen op der Intensivstatioun behandelt ginn? Kann d'Regierung den zäitlechen Oflaf vun dësen ënnerschiddleche Verleef unhand vun enger Grafik visualiséieren? Kann d'Regierung op där Basis preziséieren, ob de Verlaf vun der COVID-Situatioun am Sport en Vue vum zäitlechen Oflaf, souwéi vum symptomateschen Impakt vun de Krankheitsbiller hier, hei ausgedréckt a Prozent, ëmmer proportional zu der Situatioun am Rescht vun der Gesellschaft stoung? Falls net, wéini hu gréisser Ofweechunge stattfonnt a wéi goufen dës an der Ursachenanalyse vun der Regierung bewäert? Wéi sinn se am Sënn vun der Fro virdrun an déi eenzel Gesetzestexter mat agefloss?
- 3) Säit dem 17. Dezember 2021 gëllt am Sport fir all Bierger vun op d'mannst 19 Joer den 2G-Regime. Kann d'Regierung matdeelen, wéi vill Leit déi säit dem 1. Januar 2021 "*potenziell a Relatioun mam Sport*" positiv op COVID-19 getest goufen, zum Zäitpunkt vum positiven PCR-Test eng éischt Impfdosis, eng zweet Impfdosis oder eng Boosterimpfung (inklusive deene Leit, déi eng Dosis vum Johnson & Johnson Vaccin gesprézt kruten a jee no Definitioun net als geboostert gëllen) empfaang haten? Kann d'Regierung matdeelen, wéi vill Leit, déi am Zäitraum vum 1. November bis zum 16. Dezember "*potenziell a Relatioun mam Sport*" positiv op COVID-19 getest goufen, zum Zäitpunkt vum positive PCR-Test nach keng éischt Impfdosis haten a wéi eng Krankheitsbiller sech fir déi jeeweileng Gruppe gewisen hunn? Kann d'Regierung matdeelen, wéi dës Zuelen a Relatioun zu der Decisioun

stoungen, fir d' Aféierung vum 3G an eenzele Fräizäitsportaarte (wéi zum Beispill dem Fitness) mam COVID-Gesetz vum 17. Dezember ze iwwersprangen a gläich op den 2G-Regime ze goen? Kann d'Regierung fir de Fall, datt d' Aféierung vum flächendeckenden 2G am Fräizäitsport net a Relatioun mat dësen Zuele stoung, elaboréieren, wéi dës Decisioun anerwäerts motivéiert war?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen  
Deputéierten